N°2086
Entrée le 07.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 2086 vum 13. Mäerz 2025 vum honorablen Här Deputéierte Jeff Engelen betreffend automatiséiert Zielungen am RGTR.**

A senger parlamentarescher Ufro freet den honorablen Deputéierte Detailer zu der Notzung vun den automatiséierten Zielungen am RGTR Reseau.

D'Donnéeë vun der automatescher Passagéier-Zielung am RGTR gi vun der Verwaltung fir ëffentlechen Transport (ATP) an dem Observatoire digital de la Mobilité (OdM) gesammelt an ausgewäert. Des Informatioune ginn bei all Fuerplangwiessel, also 2-3 mol d'Joer, benotzt fir d'Kapazitéite vun de Buslinnen unzepassen oder soss Ännerungen um Réseau ze plangen. Detailer fënnt ee jeeweils am entspriechende Pressecommuniqué.

Esou goufen an deene leschten zwee Fuerplangwiessel follgend Ännerungen um RGTR-Reseau gemaach, dëst och opgrond vun besote Comptagen:

| Fuerplangwiessel | Ännerung vum Horaire | Ännerung vun der Linn | Ännerung vun der Kapazitéit |
|---|---|---|---|
| Juli 2024 | 28 | 20 | 8 |
| Dezember 2024 | 8 | 13 | 1 |

Bei der Ännerung vun der Kapazitéit handelt et sech mat enger Ausnam ëm ee Wiessel op ee méi grousse Bus, well dat klengt Gefier fir d'Passagéierzuel net méi duergeet.

De follgende Tableau weist, wéi eng Bustypen aktuell am RGTR agesat ginn. 6 Linnen fueren mat Gefierer vun der Kategorie 1, wat déi eenzeg ass, fir déi een Führerschäin vun der Kategorie B duergeet.

| Typ | Mindestzuel u Sëtzplazen | Motorisatioun | Unzuel Linnen |
|---|---|---|---|
| Minibus – Kat 1 | 9 | Diesel | 6 |
| Minibus – Kat 2 | 16 | Diesel | 10 |
| Midibus | 26 | Elektro | 60 |
| Standardbus | 38 | Elektro | 43 |
| Standardbus | 50-68 | Diesel | 57 |
| Gelenkbus | 50 | Elektro | 5 |
| Doppeldeckerbus | 90 | Diesel | 3 |

Lëtzebuerg, den 7. Abrëll 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes